

Rapport Referee's Commission – 13. November 2018

Uwiesend (*présents*): Geib, Weinzierl, Simonelli, Keiffer, Frieseisen, Nesser, Weber (per Video)

Entschëllegt (*excusés*): Pascalicchio, Ney, Frieden

1. Adoption Rapport Referee's Commission vum 9. Oktober 2018 (*Adoption du rapport du 9 octobre 2018*)
2. Den Tom Wirth huet elo och seng Tester geschriwwen a gepackt, a gëtt bei der nächster Arbitterbesetzung agesat. Den Roald Karotom gëtt aus Interesselosegkeet am Moment net agesat. (*M. Tom Wirth a réussi ses tests et il sera employé lors des prochaines rencontres. M. Roald Karotom n'est plus considéré pour le moment par manque d'intérêt de sa part.*)
3. CASCO Versécherung COSL: D'Informatiounen sinn un d'Arbitter weidergeschéckt ginn. D'Offer ass interessant fir Leit OUNI eege CASCO. Interesséiert Arbitter sollen sech bei der FLH mellen. (*Assurance CASCO COSL: Les informations ont été transmises aux arbitres. L'offre est intéressante pour ceux qui n'ont pas conclu une propre assurance CASCO. Les intéressés sont priés de contacter la FLH.*)
4. REFCOM confirméiert, dass si d'Betreiung vun den Arbitter an den EHF-Déleguéierten während dem Qualifikatiouns-Turnéier vum 10. bis de 14. Januar 2019 iwwerhuelen. Wien fir wat zoustänneg ass, gëtt festgeluecht wa méi Détailler bekannt sinn. (*La REFCOM confirme l'encadrement des arbitres et des délégués EHF lors du tournoi de qualification du 10 au 14 janvier 2019. Les responsabilités respectives seront fixées lorsqu'il y aura plus de détails quant au déroulement.*)
5. Besetzung Testmatcher LUX-USA (*Fixation des couples pour les tests LUX-USA*):
Bei den Testmatcher géint USA gëtt den offiziellen Dësch – Sekretär/Chronométreur – vun der REFCOM besat. (*La table d'officiels – secrétaire/chronométreur sera occupée par des membres de la REFCOM.*)
6. Besetzung Coupematcher Jugend (*Désignation des Couples aux matchs de coupe catégories jeunes*):
Matcher ab U15 gi vun der REFCOM besat. (*Les matchs à partir de la catégorie U15 seront assurés par la REFCOM.*)
Véierels-finalen vun U13 a méi jonk solle vun de Veräiner mat JA besat ginn. (keng Arbitter méi disponibel!)
(*Les quarts de finales U13 et plus jeunes sont censés être assurés par les Jeunes Arbitres des clubs. Cause : pas assez d'arbitres !*)
7. Austausch mam Wiener Handball Verband WHV (*Échange avec le WHV*):
D'Präsenz vun enger Arbitter-Koppel aus Éisträich ass confirméiert. Si komme fir de WE vum 9. Februar 2019 op Lëtzebuerg a päife Freides, Samschdes a Sonndes jeeweils 1 Match an der Nationaldivisioun. D'Arbitter bezéie fir déi Matcher keng Entschedegungen, mee den Transport an Openthalt gëtt vun de normalen Frais d'arbitrage gedeckt. (*La présence d'un couple d'arbitres autrichiens est confirmée. Le WE du 9 février ils siffleront le vendredi, samedi et dimanche un match en DN à chaque*

fois. Il n'y aura pas de rémunérations pour les arbitres, mais les frais de transport et de séjour seront couverts par les frais d'arbitrage payés par les clubs.)

8. Videoanalyse Arbitter D-DN an H-DN (*Analyse vidéo en D-DN et H-DN*)

D'Datumer fir d'Videoanalyse fir d'Arbitter aus der Dammen- an Härennationaldivisioun si festgeluecht ginn. (*Les dates ont été fixées comme suit.*)

Samschdes den:	15. Dezember 2018	(15.12.2018)
(Samedi le:)	12. Januar 2019	(12.01.2019)
	11. Mee 2019	(11.05.2019)
	30. Mäerz 2019	(30.03.2019)

jeweils vun 08h30 bis 12h30 um Siège vun der FLH zu Stroossen. (*à chaque fois de 08h30 à 12h30 au siège de la FLH.*)

All aner Arbitter sinn natierlech och wëllkomm. (*Tout autre arbitre et bien sûr le bienvenu.*)

9. Preparatioun Play-Off:

D'Datumer fir Reegel- a Laftester fir Arbitter aus der D-DN an H-DN si festgeluecht:

Samschdes de 19. Januar 2019 a Samschdes de 26. Januar 2019 (repêchage) jeeeweils um 09h30 um INS.

(Les dates pour les tests théoriques et physiques ont été fixées comme suit: samedi 19 janvier 2019 et samedi 26 janvier (repêchage) à 09h30 à l'INS.)

10. Referee's Performance Report :

REFCOM begréisst d'Grënnung vun engem Comité de contrôle a schléit vir, dass déi Verrieder vun de Veräiner mat 1-2 Déléguéen a wa méiglech 1-2 Verrieder vum CA, d'Rapporten ënnersichen a Léisungen zu eventuelle Problemer fiirschloen. (*La REFCOM approuve la création d'un comité de contrôle et propose que les représentants des clubs se réunissent avec 1-2 délégués et si possible 1-2 membres du CA afin d'analyser les rapports et de proposer des solutions aux problèmes éventuels.*)

D'Veräiner ginn an dem Sënn awer nach eng Kéier drop higewisen, d'Rapporten méi gewëssenhaft auszufüllen. Der REFCOM ass et wichteg dass d'Sektioun "REMARKS" och ausgefëllt gëtt. Bei Duerchschnëtt **soll**, a bei enger negativer Bewäertung **MUSS** eng Erklärung dobäi stoen, fier dass d'Formationséquip gezielt Verbesserungsvirschléi gi kann. Eng OBJEKTIV Bewäertung mat Erklärungen wéi a wat falsch gelaf ass, ass wichteg. (*Les clubs sont encore une fois sollicités de remplir les rapports d'une manière plus consciencieuse. Pour la REFCOM il est important que la section "REMARKS" soit bien remplie. En cas d'une évaluation moyenne la section **est censée être remplie** et en cas d'une évaluation négative une explication **est impérative** afin de permettre à l'équipe de formation de proposer des améliorations. Une évaluation objective avec les explications des fautes commises est importante.*)

REFCOM well drop hiweisen dass verschidde Veräiner nach net vill oder souguer nach guer keng Rapporten erageschéckt hunn. (*La REFCOM tient à signaler que certains clubs n'ont renvoyé que peu ou aucun rapport.*)

11. Arbitter C-Schäin (*Certificat C pour arbitres*):

Well d'Prozedur fir sech als Arbitter-Kandidat unzemellen am Moment relativ komplizéiert ass, géif REFCOM begréissen, wann en Umeldungsformulaire (c. ENEPS) op dem Site vun der FLH ze fanne wier. Dës Fichieren géifen dann vun der REFCOM/FLH geféiert, a virum Ufank vum Cours un den ENEPS weidergeschéckt ginn. (*Comme la procédure d'inscription comme candidat arbitre est relativement compliquée, la REFCOM propose de mettre à disposition les formulaires d'inscription (c. ENEPS) sur le site de la FLH. Ces fichiers seront gérés par la REFCOM/FLH et envoyés à l'ENEPS avant le début des cours.*)

D'Coure vum C-Schäin ginn dann ëmmer de leschte volle Weekend am Oktober ofgehal: Freides owes, Samschdes de ganzen Dag a Sonndes moies. (*Les cours pour le brevet C auront lieu le dernier WE du mois d'octobre: vendredi soir, tout le samedi et dimanche matin.*)

12. Arbitter aus der D-DN an H-DN hunn sech an hirer leschter Versammlung och e puer Gedanke gemaach iwwer:

(*Les arbitres de la D-DN et de la H-DN ont parlé lors de leur dernière reunion des sujets suivants:*)

- Public Relations
- Jeunes Arbitres
- Formatioun
- Besetzungen (*Fixation des couples*)

D'Resultater ginn dem CA presentéiert. (*Les résultats seront présentés au CA.*)

13. D'Plaz vu engem 2. Representant vun de Klib an der REFCOM ass nach ëmmer frei. (*Le poste d'un deuxième membre des clubs au sein de la REFCOM est toujours vacant.*)

Nächst Versammlung: 12.02.2018 Maison des sports 18h15